



# Kiosk

Op dësem fréie Sonndegmueren, ugaangs Mee, goug eng eeler Fra iwwer d'Parkplaz, op där ëm déi Zäit net mol een Auto stoung. Dat eenzegt, wat de Bléck unzéie konnt, war dee schéinen ale Musekiosk an der Mëtt, an sou war et net absënz verwonnerlech, datt der Fra scho vu wäitem eppes an d' Ae gesprongen ass.

Nieft dem Kiosk, mam Réck widdert d'Pärmangssteng vun der Trap gestäipt, souz een. Deen hong eng Grimmel wëndsche do, den Hutt hallef iwwer d'Gesicht. D'Fra huet en zweeten, virwëtzege Bléck op de Mann reskéiert a war sech sécher, datt et ee vun deene sëllege Strummerte wier, déi sech ëmmer méi am Quartier breet maachen. Hir huet näischt Gutts ugestanen; fir hei op der Plaz d'Nuecht ze verbréngen, dofir war et nach vill ze kal, an sou mucksmaischestëll séiz mol kee Steifgefruerenen.

Si huet een Abléck gezéckt, ass dunn awer bei de Mann getrëppelt, huet him llicht op d'Schëller getippt a sot eng Kéier lues „heel!“. Duerno war séier alles kloer.

D'Fra war keng huseschreckeg; si huet hiren Handy aus der Posch geholl, d'Duechter ugeruff an där gesot, si kéim eng Grëtz méi spéit, fir d'Kanner ze versueren; virun hir op der Parkplaz séiz e mausdoudege Strummert, si misst lo d'Police ruffen.

Fir et gläich ze verroden: Et ass séier nogewise ginn, datt de Mann Stonne virdrun e puermol op de Kapp geschloe gi war, datt en zu deene Strummerte gehéiert huet, déi sech méi wéi eng Kéier op der Kioskentrap rëmdreiwen, summesch iwwer do an der Sonn sätzen a géint der Owend, voll däärs bëllege roude Wäin, an den Asyl vum hellege Job tierkelen. Datt deen heite beklaut gi war, gouf och festgestallt, well en hat net nëmme keen Cent, mä iwwerhaupt kee Portmonni an och keen Auswäis bei sech.

Kengem eenzege Clochard aus dem Sankt Job war eppes nozeweisen, och soss gouf näischt rausfonnt, e Joer an zwee duerno nach net, an sou blouf dee „Strummert vum Kiosk“ en oppenen Dossier ënnert villen aneren.

Een hätt sech eppes denken, eppes soe kënnen, mä deen hat sech eng Woch, ier de Mann ëmbruecht gouf, „fir ëmmer“, wéi e sot, ofgesat. Fir seng al Deeg an iergendengem Nascht an Italien ze verbréngen, housch et an senge Bekantekreesser.

„Ech wunnen um Fouss vum Stromboli“ huet de Jonggesell spéider senger Schwëster an d'Éislek geschriwwen, „hei hunn ech déi véier Elementer beieneen, hei kann ech schreiwen, ech spieren dat.“

Genee, den Othon Scheid hätt eppes kënnen zu Protokoll ginn, mä den Othon Scheid kouv ni méi heem. Hien hat jo säi Computer um Fouss vum Stromboli an säi Verleeër, no bei der Parkplaz mam Jugendstil-Kiosk, hat och een. De Verleeër Raphael Lippert blouf a Kontakt mam Othon Scheid, well deem seng Novell „Kiosk“ hat wéi eng Bomm ageschloen an natierlech och zu Buch geschloen. Sou e Schreiwier verléiert een net gären aus den Aen, an On-line-Zäite scho guer net.

\*

Am nach ëmmer net zougemaachenen Dossier iwwer de Strummert Jacques Korbes kéint sou villes stoen, net nëmme iwwert säin Doud.

„Ech freeë mech, datt s de mäi Buch gutt fënns. Ech ka mer den Erfolleg vum ‚Kiosk‘ nëmme sou erklären“, schreift de Brudder aus Italien an sengem éischte Brëif un d'Schwëster, „datt ech mengem Prinzip trei bliwwe sinn, nëmme iwwer Saachen ze schreiwen, vun deenen ech eppes kennen. Ech si jo net deen eenzege Schreiwier, dee laanscht d'Clocharden, déi éiweg Randfigure vun all Gesellschaft, gaangen ass, mä ech kann dann de Kapp net anzéien. Mir ass deen Néckel Brenner aus menger Novell (a Wierkelechkeet heescht en anescht) opgefall, well ech méi wéi eng Kéier bei engem Kiosk geparkt hunn, wann ech wéinst dem virege Roman „Mausgro gëtt Moud“ bei de Lippert getrëppelt sinn. Iergendwéi huet déi ver-

kraachten Existenz net bei déi aner gepasst, déi um Kiosk ze drénke souzen. An du hues jo am Buch matkritt, wéi d'Gesellschaft, d'Leit, déi gutt Noperen engem zousetze kënnen, wann d'Liewen et op een ofgesinn huet. Anerer wiere vläicht vun enger Bréck gesprongen, de Brenner wollt et eben sou an net anescht.

An deene ville Stonnen, déi ech bei deem siechzegjärege fréiere Museker (am Buch ass et en Architekt) op der Trap oder am Bistro niewendru souz, an hie mer d'Geschicht vun sengem Liewe verzielt huet, hunn ech mer iwwerem Notéiere méi wéi eng Kéier geduecht, wéi wéineg Gedanken een sech iwwer Leit mécht, déi engem, leng nëmme well s'an eiser propperer Landschaft sätzen, op de Wecker ginn. Ech kann haut verstoen, wann sou e Mënsch wéi mäin Néckel „ausklëmmt“, der Famill de Réck dréit an de Beruff un den Nol hänkt. Du an all déi aner Lieser kënnen et sécherlech och, an dorëms goug et mer; ech si jo och bal sou eppes wéi en „Ausklämmt“.

No Joren op der Strummert gëtt et dann och keen Zréck méi, dat ass mer och kloer ginn. Ech si just frou, datt mäin „Informant“ wéinstens net nee gesot huet, wéi ech him nach e Stéck vu mengen Honorairen an d'Täsch vun sengem uerschene Mantel gestach hunn, ier ech hier op d'Insele kouv. Ech kann nëmme wënschen, datt en sech mat de Kollegen e puer gudder Deeg gemaach huet, méi kann een net méi erwaarden ...“


\*

Et ass ze verstoen, datt den Othon Scheid sengem Verleeër net geplättelt hat, datt hien seng Geschicht wierkelech nëmme e puer Meter vum Verlag wech, souzeseo vun der Strooss opgeraf hat. Och vun der Bedeelegung vun engem Landsträicher un den Autorerechter wouss de Raphael Lippert net déi Boun. Sou kouv en och net op d'Iddi, tëschent deem, wat beim Kiosk virun sengem Haus geschitt war an dem Bestseller an senger Fënster en Zesummenhank ze gesinn.

D'Schwëster vum Schrëftsteller hat deemools an der Zeitung vun deem „Obdachlosen“ gelies, deen dout opfonnt gi war, mä dat war eng Notiz wéi zwanzeg anerer och a war schonn nees vergiess, wéi déi éischte Kaart mam Stromboli drop am Éislek ukouv.

Datt se „säi Strummert“ wéinst de Suen an der Mantelstäsch op de Kapp geschloen haten, ass den Othon Scheid ni gewuer ginn. Vlächicht dofir net, well an den Zeitungen iwwert doudege Strummerte kees vill steet, an sou och mat kengem Wuert ernimmt gouf, datt de Mann bei engem Kiosk louch. Am anere Fall wier op d'mannst der Schwëster am Éislek vlächicht eng Späicherlicht opgaangen; vlächicht.

Josy Braun



Guy Hoffmann